ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 15/11/2023

Rapport 1/23 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 13.11.2023 um 20:00 am Sall vum Gemengerot zu Téinten

Presenzen

Present	Net present
Arendt Benoit Everad Thierry Kieffer Aloyse Lesch-Fanck Laure Lucas Patrick Mathias Heike Meyer Louis Reding Sam Reuter Pierre	Bausch Pele (entschëllegt) Brosius Thierry (entschëllegt)

Punkt 1: Begréissung duerch den Louis Meyer

Hei gouf och follgendes decidéiert:

- D' Kommissioun kommunizéiert am Normalfall iwwer WhatsApp. De Louis erstellt dofir e Grupp am WhatsApp.
- De Bericht vun der Reunioun gëtt a Lëtzebuerger Sprooch verfaasst.
- Den Termin fir déi nächst Reunioun gëtt am Prinzip ëmmer um Enn vun all Reunioun festgesat.

Punkt 2: D' Wiel vum President, Vize-President a Sekretär

D' Kommissioun huet unanime follgend Verdeelung vun de Posten festgehal:

- President: Arendt Benoit
- Vize-President: Meyer Louis
- Sekretär: Reuter Pierre

Punkt 3: ROI (Règlement d'Ordre Interne)

D' Kommissioun huet den ROI vun der Gemeng Helperknapp wat d'Commissions consultatives ugeet am Virfeld geschéckt krut, an der Reunioun diskutéiert a fir gutt geheescht. Bei enger nächster Revisioun vum ROI kéint een eventuell dran definéieren bei wiem a bis spéitstens wéini sech d' Memberen vun der Kommissioun ofmellen mussen wann se fir eng Sëtzung verhënnert sinn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 15/11/2023

Punkt 4: Hëllefen bei der Nuit du Sport den 08.06.2024

D' Kommissioun ass vun der Gemeng gefrot ginn ob se wéilten bei der Nuit du Sport hëllefen. D' Kommissioun wëll natierlech hëllefen, freet awer heimat de Gemengerot wat fir eng Hëllef genau gefrot ass. Ausserdeem soll gekläert ginn ob een Kommissiounsmember bei enger vun den Informatiounsreuniounen vum Ministère deelhuelen soll. De Pierre schéckt an deem Sënn ee Mail un d' Gemeng (Tanja Asselborn).

Punkt 5: Schnuppercours'en

D' Kommissioun wollt änlech wei die Sportskommissioun virdrun, verschidde Schnuppercours'en ubidden an der Sportshal um Campus Helperknapp. Follgend Sportaarten si proposéiert ginn:

- Indiaca: Hei ass d' Kommissioun schonn mam President vun der Lëtzebuerger Indiaca Federatioun, dem Här Marc Aardoom a Kontakt getrueden, déi Interesse un esou enger Initiative hunn.
- Badminton: Ass de besteeënde Club villäicht nach eng Kéier dorun interesséiert fir esou Cours'en unzebidden?
- Schéissen a Billard: Dat wär natierlech an de Lokaler vun dësen 2 Veräiner an net an der Sportshal zu Brouch.
- Völkerball
- Korbball: Do ass awer speziellt Equipement noutwendeg
- Dëschtennis: Dat géif an der Sportshal zu Béiwen stattfannen wëll do normalerweis nach Dëscher stinn
- Pilates: Eventuell duerch d'Sandra Broichhaus?
- Yoga: De Louis freet hei bei enger Bekannter no
- Babyturnen: Änlech wéi dat viru Joren emol schonn zu Téinten proposéiert ginn ass

D' Kommissioun freet heimat d' Gemeng wéi d' Disponibilitéiten vun der Hal um Campus Helperknapp sinn.

Punkt 6: Sportleréierung

Wëll d' Sportleréierung och schonn een Thema bei der Kommissioun virdrun war, si verschidde Gedanken a Froen un de Gemengerot festgehal ginn:

- Wat fir eng Roll spillt d' Kommissioun heiran?
- Steet schonn een Termin fest?
- Ze vermeiden ass den 11.05.24 well do den ING-Marathon ass.
- Den Nationalfeierdag ass eventuell net esou gutt, virun allem wann vill Sportler geéiert ginn.
- D' Sportleréierung kennt mat der Éierung vun den Elèves méritants kombinéiert ginn.

Op alle Fall recommandéiert d' Kommissioun der Gemeng den Termin méiglechst schonn am Januar ze kommunizéieren fir de Kandidaten Zäit ze ginn sech ze mellen a fir der Kommissioun d' Geleeënheet ze ginn hiren Avis (falls gefrot) ofzeginn.

Helperknapp, 15/11/2023

Punkt 7: Verschiddenes

1. **Internetsäit fir de Sport:** D' Iddi ass opkomm fir um Site vun der Gemeng Helperknapp eng Säit unzebidden wou all Sportsveräin aus der Gemeng sech presentéieren kann: Websäit, Email-Adressen, Kontakter, Trainingszäiten an -lokaler, speziell Eventer...
2. **Fit Kanner Miersch:** D' Kommissioun freet sech ob esou eng flott Initiative net och an der Gemeng Helperknapp méiglech wär. Hei kënne Kanner ënnert der Begleedung vun Sportseducateuren vill verschidde Sportaarten ouni Leeschtungsdrock kenne léieren.
3. **Laftreff:** De Pierre proposéiert ee Laftreff op d' Been ze stellen, entweder dee klasseschen Laftreff Sonndes moies fir méi erfueren Leefer (Start Campus Helperknapp?) oder ee Lafcours deen bluddeg Ufänger vun Null op fënnef Kilometer bréngt (Ditzebierg).
4. **Sportkomplex:** Anscheinend soll an den nächsten Joren ee groussen Sport Komplex um Gebitt vun der Gemeng Helperknapp entstoen. D' Kommissioun freet de Gemengerot ob et hei schonn Detailer ginn a wär frou fir fréi genuch an dëse Projet mat agebonnen ze ginn.

Nächst Reunioun ass den Dënschden **19.12.2023 um 18:00**. De Benoit schéckt eis nach den Sall an den Ordre du Jour.